

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. Dezember 2021

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheitsminister weiderzeleeden.

Säit dem 17. Dezember gëllt am Sport den 2G, dat souguer bei Einzelsportarten, wéi dem Fitness. De Sport spillt awer och eng wichteg Roll, fir d'Gesondheet vun de Leit ze schützen. Nieft der kierperlecher Aktivitéit hëlleft de Sport ville Leit, fir Stress ofzebauen a motivéiert sech méi gesond ze ernieren an op de Konsum vu gesondheetsschiedleche Substanzen ze verzichten.

An deem Zesammenhang géif ech der Madamm Gesondheitsminister gär dës Froe stellen:

- 1) Wéi goufen déi divers negativ Konsequenze vum 2G am Sport géint deen erhoffte, positiven Impakt en vue vun der COVID-Situatioun an der Analyse vun der Regierung géinteneen ofgewien? Kann d'Madamm Minister an deem Sënn matdeelen, wéi vill Leit säit dem 1. Mäerz 2020 noweislech an Zesammenhang mam Sport positiv op de COVID-19 getest goufen?
- 2) Gesäit d'Madamm Gesondheitsminister de Risiko, datt den 2G am Sport am Zesummespill mam allgemenge Stress deen d'COVID-Moosname mat sech bréngen, zu engem erhéichten Drogekonsum a Gewaltbereitschaft, besonnesch, awer net nëmme bei jonke Leit wäerte féieren? Wann net, wéi begrënnt d'Madamm Minister hir Positioun?
- 3) Gesäit d'Madamm Gesondheitsminister de Risiko, datt den 2G am Sport am Zesummespill mam allgemenge Stress deen d'COVID-Moosname mat sech bréngen, zu enger weiderer Iwwerlaaschtung vun de Psychiatrië wäerte féieren, well vill Leit hiren alldeegleche Stress net méi an deem néidege Mooss ofbaue kënnen? Wann net, wéi begrënnt d'Madamm Minister hir Positioun?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten



Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch an dem Här Sportsminister op d'parlamentaresch Fro n° 5426 vum 23. Dezember 2021 vum honorabelen Deputéierten Här Jeff Engelen.

1) Wéi goufen déi divers negativ Konsequenze vum 2G am Sport géint deen erhoffte, positiven Impakt en vue vun der COVID-Situatioun an der Analyse vun der Regierung géinteneen ofgewien? Kann d'Madamm Minister an deem Sënn matdeelen, wéi vill Leit säit dem 1. März 2020 noweislech an Zesammenhang mam Sport positiv op de COVID-19 getest goufen?

D'Wichtigkeet vum Sport an der Beweegung fir déi kierperlech an mental Gesondheet vun den Leit, esou wéi och déi grouss sozial Komponent vum Sport goufen zu kengem Moment a Froe gestallt. Et sief drun erënnert dass zu Lëtzebuerg, am Géigesatz zum Ausland, den Sport nie ganz verbueden war am Kontext vum Kampf geint d'Pandémie.

Wat elo déi aktuell sanitär Mesuren ubelaangt, esou gëtt sech och am Sport un déi generell Richtlinn 2G an der Fräizäit an 3 G op der Aarbecht gehalen.

Seit dem 1. März 2020 sin dem Contact Tracing 568 Fäll vun Covid-19 bekannt, déi potentiell mam Sport a Relatioun stinn, d.h. déi Fäll hunn während dem Interview mam Contact Tracing uginn Sport mat anere Leit gemeet ze hunn ier se positiv getest ginn sinn. Sécher sinn elo net all déi Fäll op de Sport zrëck ze féieren, mee wat méi Fäll an zäitlech begrenzten Clusteren opgetrueden sinn, wat d'Chance méi grouss ass, dat et an deem Kontext zu Infektiounsketten komm ass.

Am Contact Tracing sinn 56 Clusteren mat op mannst 3 Fäll bei Sportsclubb oder Sportevenementer festgestallt ginn, wou am ganzen 366 Covid-19 Fäll betraff woren. Gréisser Cluster mat méi wéi 10 Fäll sinn bei vereenzelten Fitnesscenteren, Handball-, Basket- a Fussballclubb festgestallt ginn, esou wéi bei enger organisierter Segelvakanz an Kroatien, déi vun engem Lycée organiséiert gouf.

2) Gesäit d'Madamm Gesondheetsminister de Risiko, datt den 2G am Sport am Zesummespill mam allgemenge Stress deen d'COVID-Moosname mat sech bréngen, zu engem erhéichten Drogekonsum a Gewaltbereitschaft, besonnesch awer net nëmme bei jonke Leit wäerte féieren? Wann net, wéi begrënnt d'Madamm Minister hir Positioun?

Virop gëllt et nach eng Keier ze ënnersträichen, datt zu Lëtzebuerg, am Verglach mat aneren Länner, den Sport quasi onënnerbrach funktionnéiert souguer an der éischter Wëll vun der Pandémie, wann och natierlech ageschränkt. Den Rëscht vun der Zäit hunn effektiv ëmmer Mesuren gegollt fir déi sportlech Aktivitéiten z'encadréieren, mee d'Aktivitéiten hunn awer duerchgehend kéinten stattfannen. Doriwwer eraus gëllt laut dem aktuellen Covidgesetz fir den Jugendsport eng Ausnahm déi beseet datt den 2G Régime just fir Jugendlecher ab 19 Joer applikabel ass. Fir Jonker vun manner wéi 19 Joer gëllt den 3G Régime, also d'Méiglechkeet fir och en Testcertificat virzeweisen. Dës Dispositioun gouf eben grad agefouert fir Jugendlecher déi net geimpft oder genesen wieren trotzdem ze erméiglechen hiren sportlechen Aktivitéiten nozegoen.

Dem Gesondheetsministère ass net bekannt datt eng Hausse vum Drogenkonsum op en Manktem un Sportméiglechkeeten zeréckzeféieren wier an aktuell gëtt et och keng wëssenschaftlech Étude déi géif e kausalen Lien tëscht 2G Covid-19 Regeln an sportlechen Aktivitéiten an en doduerch erhéichten Drogenkonsum beleeen.



3) Gesäit d'Madamm Gesondheitsminister de Risiko, datt den 2G am Sport am Zesummespill mam allgemenge Stress deem d'COVID-Moosname mat sech bréngen, zu enger weiderer Iwwerlaaschtung vun de Psychiatrië wäerte féieren, well vill Leit hiren alldeegleche Stress net méi an deem néidege Mooss ofbaue kënnen? Wann net, wéi begrënnt d'Madamm Minister hir Positioun?

Aktuell ass dem Gesondheitsministère net bekannt datt den 2G Régime am Sport am Zesummespill mam allgemenge Stress vun den COVID-Mesuren zu enger weiderer Iwwerlaaschtung vun de Psychiatrië gefouert huet, well vill Leit hiren alldeegleche Stress net méi an deem néidege Mooss ofbaue kënnen.

Lëtzebuerg, den 25. Januar 2022

D'Gesondheitsministesch

(s.) Paulette Lenert